



Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 7149 - Projet de loi portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un nouveau dispositif de lutte contre le chômage de longue durée
 - Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel
 - Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen (intervention de Mme Nancy Arendt), M. Marc Baum
 - Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Ordre du jour
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 7033 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes
 - Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Frank Arndt
 - Discussion générale: M. Emile Eicher, M. Max Hahn, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum
 - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6593 - Projet de loi portant modification
 - de la loi modifiée du 16 juin 2004 portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État;
 - de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique;
 - de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire;
 - de l'article 32 du Livre 1^{er} du Code de la sécurité sociale
 - Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum
 - Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Georges Engel, M. Claude Adam, M. David Wagner
 - Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (intervention de Mme Françoise Hetto-Gaasch)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Discours de M. le Président
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Félix Braz, M. Nicolas Schmit, M. Dan Kersch et M. Claude Meisch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech maachen heimat d'Sëtzung op.

Ech mengen, mir géifen direkt zum offiziellen Ordre du jour iwwergoen. Als éischte Punkt hu mer de Projet de loi 7149 fir den Asaz géint de Laangzäitchômage. De Rapporteur, den honoreble Georges Engel, ass prett an de Mikro ass säin.

2. 7149 - Projet de loi portant modification du Code du travail en vue de l'introduction d'un nouveau dispositif de lutte contre le chômage de longue durée

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kollegen, aarbechtslos ze sinn, dat ass net schéin. Keng Aarbecht ze hunn, huet eng Rei vun Auswierkungen op deen eenzelne Mënsch selwer, op seng finanziell Situatioun, op seng Famill, op säin Ëmfeld, op seng Gesondheet, op seng physsch a psychesch Gesondheet, mä och op d'Gesellschaft am Allgemengen.

Zanter 28 Méint geet bei eis hei zu Lëtzebuerg de Chômage zrëck, virun allem bei deenen, déi ënner 30 Joer hunn. D'Zuel um 31. Mee war déi folgend: e Minus vu 5,3% op ee Joer. Dat ass gudd esou. Dat huet mat enger Rei vu Facteuren ze dinn: eng gudd ekonomesch Situatioun, e gudd gesellschaftspolitesch Ëmfeld, gudd Aarbecht vun deene villen Akteuren, déi sech fir d'Leit, déi schaffen oder déi wëlle schaffen, hei zu Lëtzebuerg asetzen.

Och d'Demandeurs d'emploi vulnérables, also déi gesondheetlech Problemer hunn, wéineg qualifizéiert sinn oder iwwer zwielef Méint op der Sich no Aarbecht sinn, profitéiere vun deem Réckgang, mä leider awer net genuch. Laangzäitchômeure maache 47% vum Total vun de Chômeuren aus. 59% vun hinne si wéineg qualifizéiert, 60% sinn iwwer 45 Joer al, 40% hunn eng ageschränkt Capacité de travail oder si Salarié handicapé.

Wie Chômage longue durée seet, seet ganz oft Exklusioun, ganz oft Aarmut a Prekaritéit. An duerfir genau maache mir dëse Projet de loi, deen als Zil huet, e staatlechen „coup de pouce“ ze ginn, fir dass definitiv a stabil Aarbechtsplaze geschafe gi fir Laangzäitchômeuren.

Dës Measure schreift sech an an d'Logik vun enger Rei vun Akzenter, déi scho gesat goufen, notament d'Gesetz, wat Ufank 2016 gestëmmt gouf a wou de Contrat de réinsertion-emploi fir Leit iwwer 45 Joer a fir Leit, déi de Statut vum Handicapéierten hunn, agefouert ginn ass. Déi Measure ass gudd, geet awer leider net duer.

Beträff vun dësem Projet hei si Persounen iwwer 30 Joer, déi zanter op d'mannst zwielef Méint op der Sich no enger Aarbecht sinn an op der ADEM ageschriwwen sinn. Vill vun hinne sinn an enger Occupation temporaire indemni-sée, enger OTI, enger Measure, déi zwar de Meritt huet, d'Leit ze aktivéieren, mä déi Betraffe bleiwe weider Chômeur, hu kee feste Kontrakt a riskéieren, iwwer kuerz oder laang an den RMG ze falen. Well si awer schaffen, also wirklech Aarbecht maachen, sollen iwwert d'Bestëmmunge vun dësem Projet de loi richteg fest a sécher Aarbechtsplaze mat onbefristete Kontrakter dorausere ginn.

D'Philosophie also ass, Aarbecht amplat Chômage ze finanzéieren. D'Suen, déi also bis elo an d'Indemnité de chômage an temporär Mesuren investéiert goufen, ginn elo an d'Schafe vu sécheren, festen Aarbechtsplazen investéiert fir Leit, déi soss schlecht oder keng gudd Chancen hunn, eng fest Aarbechtsplaz ze fannen.

Konkret heescht dat, hei ginn Plaze geschafen am Beräich vum Stat, de Gemengen, dem Parapublic, de Fondatiounen, den Établissements, Associatiounen, de Sociétés d'impact sociétal, déi zu 100% aus Parts d'impact bestinn - do wou 100% also vum Gewënn nees an d'Sociétéit investéiert ginn -, vu Fondatiounen an Asblen. Viséiert sinn hei zum Beispill deemno och Aarbechtsplazen a Crèchen, an Altersheimer oder Behënnertenatelieren. Natierlech muss hei d'Qualifikatioun fir déi eenzel Aarbechtsplaz och stëmmen. Hei sollen also keng Aarbechtsplaze bradéiert ginn.

Hei sollen also nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, nei Aarbechtsplaze mat engem Contrat à durée indéterminée - mir wäerten also hei net Plazen ersetzen, dat wär kontraproduktiv -, an dat och a Beräicher, wou keng deloyal Konkurrenz provoziert gëtt.

Dës Mesurë sinn also och fir d'Demandeurs d'emploi de longue durée iwwer 30 Joer. De Remboursement, dee leeft iwwert de Fonds pour l'emploi. Dat éischt Joer ginn 100% vun de Frais salariaux en charge geholl, dat zweet Joer 80% an dat drëtt Joer 60%, gedeckelt awer op 150% vum soziale Mindestloun. De Salaire ass also net limitéiert op de soziale Mindestloun, mä soll déi normal Lountabell berücksichtegen.

Bei Demandeurs d'emploi de longue durée iwwer 50 Joer, do bleift de Remboursement vun 100% vun de Frais salariaux bis d'Pensioun bestoen, och do gedeckelt bis zu 150% vum Salaire social minimum.

Mir hunn awer och Sécuritéten hei am Gesetz agesat. Falls deen esou rekrutéeierte Laangzäitchômeur bannent sechs Joer géif gekënnegt kréien, ouni dass d'Grënn op hie selwer zrëckzeféiere wäeren, muss de Patron 75% vun den Hëllef, déi e kritt huet, zrëckbezuelen. Och dat ass eng richteg an eng wichteg Measure.

Fir dëst Joer sinn déi Plazen emol op 150 Plaze limitéiert. Et geet jo elo eréischt un. Am September kéinte jo dann déi éischt Poste gestëmmt ginn oder geschafe ginn an duerno gëtt d'Zuel Joer fir Joer iwwert d'Budgetgesetz fir dat anert Joer fixéiert. Déi éischt Plaze sollen eis dann erlaben ze evaluéieren, wat dat fir dat nächst Joer soll fir de Fonds pour l'emploi bedéien.

Weider Ännerungen am Gesetz sinn déi folgend: D'Dauer vun enger OTI gëtt op sechs Méint limitéiert an e Promoteur wäert fir déiselwecht Aarbecht nëmmen nach eng OTI op zwielef Méint kënnen huelen. Mir müssen also verënnern, an dat gëtt och hei gemaach, dass d'Plaze permanent duerch OTI besat ginn, ouni dass déi Betraffe kënnen oder wäerten e feste Kontrakt kréien. Dat ass op alle Fall net dat, wat mer wëllen, mir hätte scho gären, dass dat solle fest Aarbechtsplaze ginn. An dat soll mat dëser Measure also verënnert ginn.

D'OTIen hunn an Zukunft och d'Recht op all Supplementen, déi fir normal Salariée virgesi sinn, ouni dass d'Supplementen als Revenu accessoire fir de Chômage ugesi ginn. D'OTIen iwwer 50 Joer wäerten an Zukunft kënnen hir Mesurë mat Tranchë vun zwielef Méint weider erneiert kréien, ouni dass se an den RMG géife falen an doduerch eventuell géife verléieren.

De Stage de professionnalisation wäert an Zukunft fir Demandeurs d'emploi ab 30 Joer opstoen. Dës Stagë sinn eng gudd Méiglechkeet, nei Beräicher kennenzelieren a Kontakter mat de Patrone kënnen ze maachen, fir duerno eng definitiv Aarbecht kënnen ze kréien.

An zu gudder Lescht: Bei der Aide à l'emploi fir eeler Chômeuren am Privatberäich soll an Zukunft nëmmen nach d'Part patronale, mä net méi deen Deel vum Assuré vun de Cotisations zrëckbezuelen ginn, well d'Patrone mat deem Deel jo nëischt ze dinn hunn. Dat war effektiv eng komesch Bestëmmung an déi gëtt elo och ofgeschafft.

Den Dépôt vum Gesetz war den 9. Juni 2017. Am Avis vom Statsrot vum 4. Juli koumen eng Partie Kriticken, déi awer virun allem formaler Natur waren, zum Beispill wat an engem Règlement grand-ducal oder wat am Gesetz sollt stoen, war doranner enthalten. An deem huet d'Kommissioun dann och Rechnung gedroen.

Dat hei ass e wichtige Projet. E geet géint de Laangzäitchômage vir. E probéiert, deen an de Grëff ze kréie fir e verhältnisméisseg modeste Coût a gëtt de Betraffenen eng reell Perspektiv op eng Aarbecht a fir aus der Prekaritéit erauszekommen.

Virun allem, an dat ass mer ganz wichteg, gi mer deene Leit hei e Stéck Dignitéit zrëck. Dat

muss et eis wäert sinn. Mir brauchen also eng Diversifikatioun vun all deene Mesuren, déi mer ubidden. An dat hei ass een Deel dovunner, ee Glidd an der Kette vun deem, wat mer musse maachen, fir de Laangzäitchômage an de Grëff ze kréien.

Ech ginn domadder och schonn direkt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolaschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Aly Kaes.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, laut den aktuellen Zuele si 7.108 Persounen méi wéi zwielef Méint bei der ADEM gemellt, also bal..., jo, hei ass grad 47% gesot ginn, ech hunn der 46. Ech mengen, do solle mer eis och net driwwer streiden, ob een op- oder ofrënnt, et ass op jidde Fall en héije Prozentsaz vum Gesamtchômage.

Vum Laangzäitchômage si virun allem Leit betrafft, déi eng Rei Problemer hunn, notament en Handicap oder Reclassement externe. Op ee Joer gekuckt ass de Laangzäitchômage an absolutten Zuelen ëm gudd 600 Unitéite gefall. Och de Chômagetaux vun dëse Leit ass licht réckleefeg.

De Statec schreift a senger leschter Note de conjuncture, dass d'Baisse vum Gesamtchômage am éischten Trimester 2017 zu 18% op mander Chômeuren, déi méi wéi zwee Joer bei der ADEM ageschriwwen sinn, an zu 60% op d'Baisse vu Chômeuren, déi méi wéi ee Joer bei der ADEM gefouert sinn, zrëckzeféieren ass.

Elo kéint ee jo doraus schléissen, dass d'ADEM hirem Rôle gerecht ginn ass an dës Leit aktiv vermëttelt hätt. Dat ass awer an eise Aen, jo, nëmmen zum Deel richteg. Sécherlech kommen aktuell eng ronn 200 Persounen an de Genoss vum sougenannte Contrat de réinsertion-emploi. Mä nach feelt en definitive Bilan vun där Measure, well d'Zil ass et jo, déi Leit an en normaalt Aarbechtsverhältnis ze kréien.

Et wier gudd, wann den Här Minister eis kéint soen, awéifern d'Promoteuren déi reell Perspektive d'emploi, déi se laut Gesetz müssen ofréieren, och ageléist hunn.

Jo, et muss een hei och ënnersträichen, dass de Contrat de réinsertion-emploi zesumme mam Stage de professionnalisation eigentlech den deemolege Stage de réinsertion professionnelle ersat huet. Laut ADEM-Statistike sinn 2015 en moyenne 544 Leit an de Genoss vum Stage de réinsertion professionnelle komm. Haut profitéieren awer just nach, wéi ech et virdru gesot hunn, licht méi wéi 200 Leit vu bide Mesuren.

Dat erkläert zum engen, firwat ech soen, dass d'ADEM hei nëmmen aktiv vermëttelt huet.

Zum anere wësse mer och, dass eng ganz Partie Leit, déi an der Vergaangenheet vun der ADEM betreit goufen, iwwert déi lescht Méint no enger medezinnescher Analys - mir hunn dat nach eng kéier och an der Kommissioun diskutéiert - gerode kruten, d'Invaliditéit oder d'Invaliditéitsrent unzefroen. Insgesamt 408 Persounen huet d'ADEM tëscht dem Januar 2015 an November 2016 dozou motivéiert. An do ass an der Zwëschenzäit sécherlech nach déi eng oder déi aner Persoun derbäikomm.

De Wee an d'Invalidéiert erkläert an eise Aen zu engem Deel de Réckgang vum Chômage de longue durée. Mir begreissen awer ganz kloer, dass d'Zuelen an déi richteg Richtung weisen, woubäi de Wee dohinner natierlech näischt oder net alles mat aktiver Aarbechtsmaartpolitik ze dinn huet.

Dir Dammen an Dir Härren, am Gesetzesprojet vun haut geet de Minister nei Weeër. Mir ginn e Schrëtt méi wäit. Et geet hei net drëm, schweier vermëttelbar Leit an d'Pensioun ze schécken, am Géigendeel. Et geet drëm, hinne eng fest Ustellung unzebidden. Dat solle laut dem Här Minister zu engem groussen Deel Leit sinn, déi enger Occupation temporaire indemni-sée noginn, an dat an deene meeschte Fäll zur vollster Satisfaktioun vum jeeweilege Patron.

Mir begreissen duerfir absolutt dëst Gesetz. Et geet drëm, an d'Aarbecht ze investéieren an net an de Chômage, well de Chômage mécht sech definitiv net bezuelen.

Natierlech hätt een och kënnen méi wäit goen an all Chômeur, dee méi wéi 50 Joer ass, eng



fest Ustellung ubidden. Keng Opreegung! Dat wier och an eisen Aen de falsche Wee gewiescht. Dat hätt an eisen Aen zu enger Prekarisation vum der Altersaarbecht gefouert. Dat ass och ee vun de Grënn, firwat mer eis mat der Propos vum Här Minister, an enger éischter Phas nëmmen 150 Leit d'Chance an eng besser Zukunft ze ginn, averstanen erklären.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et ugedeit, d'CSV wäert dësse Projet matstëmmen,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Aly Kaes** (CSV). - ...well en de Leit, déi wäit ewech si vun engem geregelten Aarbechtsverhältnis, en CDI, sou wéi den Här Rapporteur et gesot huet, erméiglecht.

150 Laangzäitchômeure sollen an e stabillt Aarbechtsverhältnis kommen, entweder beim Stat, bei de Gemengen, bei de Syndikater, bei Établissement-publicken, bei enger SIS oder bei Fondatioune respektiv Asblen.

Jo, an dësem Kontext stellt sech dann awer och d'Fro, firwat de Privatsektor net kann an de Genoss komme vun dësen Emplois d'insertion. Gouf et do eng Demande vum Privatsektor? Déi Fro hu mer eis gestallt a bis dato hu mer nach näischt vun dëse Betriber héieren. Och ass nach keen eenzeg Avis vun iergendenger Berufschamber - et war kuerz, och dat hu mer an der Kommissioun diskutéiert - hei am Haus agaangen. Et wier awer definitiv och interessant, gewuer ze ginn, wéi hir Meenung zu dësem Projet de loi ass.

De Minister huet eis seng Explikatiounen dozou geliiwert. En huet eis awer och an Aussicht gestallt, dësse Volet ze präieren. Ech mengen, beim Vott vum nächste Budgetgesetz, wou jo d'Unzuel, sou wéi et virdrun och scho gesot ginn ass, vun den Emplois d'insertion fir 2018 definéiert gëtt, kéint de Minister eis da seng Konklusiounen dozou presentéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mech elo mat der Mesure phare vun deem Gesetzesprojet befaasst, nämlech Laangzäitchômeuren iwwer 50 Joer bis zur Pensioun duerch éffentlech Gelder eng Pai ze ginn an deenen ënner 50 Joer degressiv iwwer dräi Joer 100%, 80% a 60% vun hirer Pai ze assuréieren.

Mir si frou, datt dës Suen u sech do ukommen, wou se gebraucht ginn. Mir hoffen awer och, jo, datt mat dësem Projet d'Land net an enger bestëmmter Form an zwee gedeelt gëtt.

Ech erkläre mech: Mir wëssen, datt d'Kollektivvertragsverhandlungen op Gemengenniveau bei PRO-SUD nach net ofgeschloss sinn. Mir wëssen och, datt do Proposen um Dësch leien, fir eng nei Carrière ze schafen, déi schwéier vermittelbare Leit eng Chance soll ginn, e feste Vertrag ze kréien. An aneren Ecker vum Land sinn awer d'Kollektivvertragsverhandlungen schonn ofgeschloss, ouni datt esou eng Carrière existéiert.

Et ass also net ausgeschloss, et besteet mindestens eng Gefor, datt et hei zu enger ongläicher Behandlung vun de Gemengen an domat och vun de Laangzäitchômeure jee no Wunnsätz ka kommen.

Bon, ech ginn awer dovun aus, datt dem Minister net un esou enger Zwouklassegesellschaft geleeën ass, a wënschen him duerfir eng ganz glécklech Hand beim Accordéiere vun dësen 150 Posten. Dobäi ass et jo esou, datt mer och an der Kommissioun gesot hunn: Mir müssen dat Gesetz esou seier wéi méiglech kréien, well soss ass d'Chance, fir iwwerhaapt nach 150 Posten ze schafen, méi schwéier fir dës Joer realisierbar, fir dat iwwerhaapt nach kënnen ëmzesetzen.

Ech ginn och dovun aus, datt de Minister beim Bilan bewiese kann, datt en u sech all Regioune an all Gemenge respektéiert, déi bereet sinn, esou enge Persounen eng Perspektiv wëlen ze erméiglechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mech net mat deenen anere Punkte vun dësem Gesetzesprojet befaasst. De Rapporteur, den Här Engel, huet dat awer am Numm vun der Kommissioun an allen Detailer belicht, an ech soen him natierlech e ganz grouse Merci duerfir, dat souwuel fir dee mëndleche wéi fir dee schrëftleche Rapport.

Mat dësem Projet bleift de Laangzäitchômage awer weider ganz sécher en Thema. Dësse Projet ass u sech awer eng Drëps Waasser op e waarme Steen, well mer jo awer nëmmen 150 Leit, jo, vun iwwer 7.000 kënnen eng Perspektiv ginn.

E groussen Deel vun hinne sinn, wéi gesot, Leit mat Handicap oder am Reclassement externe. Iwwert déi lescht Méint ass och vill iwwert déi lescht Reform vum Reklassementgesetz geschwat ginn. An do ginn et nach ëmmer eng ganz Rei vu Problemer, déi ganz kloer schnellstens muss behuewe ginn.

Am Kontext vum État de la nation dës Joer goufen Adaptatiounen an Aussicht gestallt. Dat sinn elo scho bal dräi Méint hier. Déi konkret Problemer sinn awer scho méi laang bekannt. Et entsteet esou lues a lues - jo! - eng Urgence an dësem Dossier. Et ass awer esou, datt an der Kommissioun, an dat soll een och fairerweis hei soen, och den Här Minister gesot huet, datt, och wann dat Gesetz eréischt viru Kuerzem gestëmmt ginn ass, hien awer bereet wier, am Hierscht eng Diskussioun iwwert déi do Problemer ze féieren. An da gesi mer jo, wat dobäi erauskënn.

Op jidde Fall Leit, déi intern reklasséiert goufen, an ech huelen elo nëmmen e puer Beispiller, ginn a verschiddene Fäll manner gutt behandelt wéi Leit, déi vun Ufank un extern reklasséiert goufen, aus enger Rei Ursaachen; et kann een dat esou an esou gesinn. D'Zesummespill tëscht Aarbechtsmedezinn a Kontrolldokter verleeft net ëmmer „optimal“, fir et och fäin ze soen. Dat si just, wéi gesot, e puer Problemer, déi sech stellen.

Mat dësem Gesetz ass och d'ADEM nach laang net aarbechtslos. Dat kann een och soen. Si ass weider gefuerdert, dës Leit sou gutt et geet ze betriegen. Der ADEM muss also alles dru geleeën sinn, fir déi Leit virun enger laanger Phas vun Aarbechtslosegkeet ze bewahren. Dat kann nëmme geléngen, wann d'Demandeurs d'emploi op eng nach besser, méi personaliséiert Prise en charge kënnen zréckgräifen, op eng besser Kooperatioun mat de Patronen - hei muss een och soen, hei si schonn eng Rei Effort gemaach ginn - an net zulescht op eng adaptéiert Formationsoffer.

Bon, dat gesot, ginn ech ofschléissend dann den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Claude Lamberty.

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Merci, Här President. Léif Kollegen, d'Chômagezuelen, déi mir Mount fir Mount geliiwert kréien, sinn déi lescht Zäit positiv a ginn an déi richteg Richtung. Wat ee muss soen a wëssen: Zanter 28 Méint geet de Chômage onënnerbrach erof!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Am Verglach mam Dezember 2013 gëtt et iwwer 2.000 Aarbechtsloser manner zu Lëtzebuerg. Dat sinn 2.000 Eenzelschicksaler. Dat sinn 2.000 Leit, déi virdru keng Aarbecht haten an haut aktiv an der Aarbechtswelt integréiert sinn.

Gläichzäiteg ginn och ëmmer méi fräi Aarbechtsplaze bei der ADEM gemellt. Eis Wirtschaft ass also amgaangen, sech ze erhuele vun där Kris, déi och Lëtzebuerg net verschount hat. Eis Betriber hunn erëm méi Vertrauen, méi Vertrauen an d'Zukunft an traue sech och, erëm méi ze investéieren.

Och wann d'Aarbechtslosegkeet ofhëlt, si mir natierlech nach laang net bei enger Vollbeschäftegung ukomm, déi mer eis allegueren heibanne wënschen. Et gëtt vill Ursaachen, firwat eng Persoun trotz Wonsch, schaffen ze goen, keng Aarbecht fënnt. Soulaang et Leit gëtt, déi schaffe wëlle goen a sech och beméien, eng Plaz ze fannen, an awer aus ënnerschiddlechen Ursaache keng Aarbecht kréien, soulaang hu mir d'Flicht, no neie Weeër ze sichen, fir deene Leit och ze hëllefen.

Laangzäitchômage ka ganz séier zu engem Däiwelskrees ginn. Lücken am CV a souguer d'Schaffen a Beschäftigungsmesurë gëlle leider oft als Ausschlusskritär. Virun allem Mënschen ab 50 hunn et um Aarbechtsmarché net ëmmer einfach, wa si ongewollt hir Aarbecht verléieren a sech beruflech nach eng Kéier ëmorientéiere müssen. Dat nämlech gëllt fir Persounen, déi just bedéngt aarbechtsfäeg sinn an awer gäre schaffe géifen. Dës Leit gi mat dësem Projet de loi ugesprach.

Ech muss och soen, dass mir d'Hauptiddi hantert dësem Projet immens gutt gefält: Net de Chômage finanzéieren, mä an den Emploi investéieren. Aarbechtslosegkeet kascht eis immens vill, net nëmme Suen, déi iwwer Chômagegeld oder RMG ausbezueln ginn, mä virun allem och de Schued fir eng Gesellschaft, déi et net fäerdegrëngt, dass all hir Memberen enger geregelter Aarbecht kënnen nogoen. Et geet also net nëmmen ëm Suen, et geet ëm vill méi. Et geet ëm e Selbstwäertgefill, ëm en Zeechen, dass d'Leit sech erëm gewierdegt fillen, wa se hir Capacitéiten a Kompetenzen an den Dénsgsch vum der Allgemengheet stellen dierfen a kënnen.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et wichtig, dass hei keng Alibiplace geschafe ginn. Hei solle reell nei Plazen entstoen a Beräicher, wou e konkrete Besoin besteet. Et sinn nei Plazen am éffentleche Beräich, déi souwuel de Mën-

schen hëllefen, déi soss keng oder schwierest Aarbecht fannen, wéi et och nei Aarbechtsplaze sinn, déi mir als Gesellschaft am Alldag och brauchen.

Wat mer net wëllen a wat och net mat dësem Gesetz ugestriift gëtt, ass, dass oppe Plazen, zum Beispill nodeem en Aarbechter an d'Pensioun gaangen ass, also Plazen, déi souwisou missten nei besat ginn, dass déi vum Stat géife finanzéiert ginn. Dat gëllt et, ëm all Präis ze verhënnern, well mer soss keng zousätzlech Aarbechtsplaze géife schafen, mä eventuell souguer jonke Leit Plaze virun der Nues géifen ewechschnapen.

Ech denken hei un Aarbecht, wou et wuel e konkrete Besoin gëtt, mä bis elo déi zoustänneg Akteuren net wollten oder konnte Personal astellen, well entweder net déi néideg Suen do waren oder aner Prioritéiten existéiert hunn. Dat heescht awer net, dass dës Aarbecht manner wichtig wier. Grad an de Gemengen, beim Stat oder och bei Syndikater, déi mat dësem Projet ganz besonnesch viséiert sinn, gëtt et esou vill Aarbechten, déi een am Dénsgsch fir de Bierger iwwerhuele kann a muss, dass een eigentlech ëmmer neit Personal brauch.

Et ass eis awer och immens wichtig, dass keng Concurrence déloyale geschafe gëtt a Beräicher, wou d'Privatentreprisen aktiv sinn. Vu staarke Betriber profitéiert jiddwereen. Dës sief op dëser Plaz nach eng Kéier ganz daitlech gesot!

Et sinn d'Betriber, déi eis Aarbechtsplaze schafen, duerch déi déi grouss Majoritéit vun der Lëtzeburger Populatioun hiert Liewe finanzéiere kann. Et muss also ganz kloer kontrolléiert ginn, dass mat dësem Gesetz net Aarbecht op där enger Plaz geschafe gëtt a gläichzäiteg am Privé Aarbecht verluer géif goen, well de Betrib duerch d'effentlech Hand Konkurrenz géif kréien.

Dës gesot, e ganz grouse Merci un de Rapporteur, deen dat exzellent gemaach huet, den Här Engel. Ech ginn dann och heimadder den Accord vu menger Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. An nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng). - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, de Projet de loi 7149 féiert nei Mesuren an, fir dem Laangzäitchômage entgéintzewierken. An dat ass och gutt esou. E grouse Merci un de Rapporteur, de Georges Engel, deen am Detail d'Raffinesse vum Gesetz virgestallt huet. Ech bräicht u sech iwwerhaapt net méi hei ze intervenéieren an ech wäert och net méi am Detail op d'Mesuren agoen. Verschidde Saache sinn eis awer als déi gréng wichtig hei ze soen.

Mir deelen d'Analys vum Minister vun den Zuele vum Chômage, wéi elo grad gesot ginn ass: Sait 28 Méint ass den Taux de chômage amgaang erofzegoen, wat jo positiv ass. An et ass awer och ze erkennen, dass de Laangzäitchômage eben e ganz schwierge Volet ass, deen och grouss Suergen, och eis grouss Suerge mécht. An duerfir, mengen ech, muss ee grad beim Laangzäitchômage iwwer zwielef Méint also en anert Handwierksgeschir erbäihuelen, fir deem entgéintzewierken. A mat dësem Projet de loi gëtt jo dat Handwierksgeschir prett gemaach.

Mir deelen och d'Analys vum Minister, wat d'Altersstrukturen ugeet, déi am Chômage sinn, och am Laangzäitchômage sinn. Duerfir ass et och gutt, dass an dësem Gesetz den Ennerscheid gemaach gëtt tëscht deenen, déi méi al wéi 30 Joer sinn, an deenen, déi méi al wéi 50 Joer sinn, wou mer allegueren wëssen, dass et da fir déi Leit ganz schwiereg ass, fir nei Perspektiven ze fannen, an dass et, wa se schonn zwielef Méint am Chômage waren, ëmsou méi schwéier ass.

Net vergiesse soll een awer hei och, wa mer iwwer Prozenter an Zuele schwätzen - duerfir hunn ech déi bewosst hei net a menger Ried matagebonnen -, dass et ëm Eenzelschicksaler geet, ëm eenzel Leit, Leit, déi an engem Stot sinn a Familljen, wou eng Laangzäitarbechtslosegkeet dozou féiert, dass awer eng Prekaritéit entsteet.

Mir hate viru Kuerzem hei en Debat iwwert de Risque de pauvreté. An et ass ganz kloer: Leit ouni Aarbecht, déi sinn deem ausgesat. Duerfir ass et gutt a richteg, dass mer hei nei Moossname fonnt hunn an dësem Projet de loi, déi dann a wäerte kënnen verhënnern, dass Leit ebe wierklech an enger Gesellschaft, déi iwwert d'Aarbecht definéiert ass, der Exclusion sociale ausgesat sinn, wou dat eben och virprogramméiert ass.

Elo sinn d'Akteuren um Terrain gefuerdert, a virop de Stat an d'Gemengen, déi ënner anere iwwert déi Mesure vun den OTle Leit a

Beschäftegung hunn, fir Aarbecht ze maachen, déi regulär do ass - an et ass jo och do, wou dee Volet vun dësem Projet de loi usetzt -, fir u sech hinzegoen an déi Kuerzzeitkontrakter, déi u sech eng Pist gi fir Chômeuren, dass se kënnen Expérience professionnelle sammeln, dass se vläicht en Trëtt fannen, fir déi kënnen iwwerzeféieren an e Contrat de travail à durée indéterminée.

Duerfir begrëisse mir als déi gréng och explizit déi Mesure, wou gesot gëtt: „Mir investéieren an Aarbecht an net an de Chômage“, an deenen zwou Kategorië vu Laangzäitchômeuren, déi ebe schonn hei vum Georges Engel presentéiert gi sinn. Ech ginn elo net méi dorop an.

Eligibel sinn ausser dem Stat an de Gemengen awer och d'Établissements publics, natierlech och d'Gemengesyndikater. Et sinn natierlech awer och d'Fondatiounen, déi d'Méiglechkeet hunn, dovun ze profitéieren, dann d'Asblen an och déi nei Sociétés d'impact sociétal.

Just nach eng Kéier, fir ze soen, virdrun ass gesot ginn, hei kéint elo kee Privaten dovun profitéieren: Dat ass jo net honnertprozenteg richtig. Déi kënnen wuel dovun profitéieren, wa se eben en Impact sociétal hunn a wa se also derfir suergen, dass u sech déi Gelder, déi erwirtschaft ginn an esou enger Gesellschaft, enger Sär, enger SA, enger Kooperativ, erëm zu 100% an d'Gesellschaft erafléissen, soudass u sech esou dës Mesuren hei och fir de Privatmarché accessibel ginn.

Als déi gréng wënsche mir eis, dass dës Mesuren e groussen Uklang fanne bei den Akteuren um Terrain an dass mer d'nächst Joer e positive Bilan zu dësem Projet de loi kënnen zéien.

A mir deelen och d'Analys vum Minister, dass et awer eng Grupp vu Chômeure gëtt, wou mer aner Mesuren nach müssen ergräifen. Dat sinn d'Salariés handicapés an d'Salariés a capacité de travail réduite, déi meeschtens aus engem Reclassement externe hierstamen. An do ass jo op der Pressekonferenz de leschte Méindeg mat dem Minister Schmit a mat der Ministesch Cahen an och der Gesondheitsministesch Lydia Mutsch u sech eng nei Pist, en neie Projet virgestallt ginn, fir grad där Grupp vu Leit am Chômage ze hëllefen.

Här President, ech komme schonn zum Schluss a wëll soen, dass d'Längt vu menger Ried a menger Interventioun déi Kéier och erëm eng Kéier ëmgedréit proportional ass zu der Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. An nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll och vun eiser Sait dem Kollege Georges Engel Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech mengen, en huet virun allem d'Gesetz gutt am Detail hei erklärt. D'Recht op Aarbecht, soe mer ëmmer, ass e Mënschenrecht. An trotzdem hu mer iwwerall op der Welt Leit, déi am Chômage sinn, an och Lëtzebuerg bleift dovunner net verschount.

D'Problematik vum Chômage, déi kritt een net mat engem Fangerstréch oder engem Zauberbengel vun haut op muer geléist. Däers si mer eis alleguer bewosst. Dat hunn och déi vergaange Joren alleguer gewisen.

Lëtzebuerg ass an enger spezifischer Situatioun, wa mer bedenken, datt mer a Lëtzebuerg e Rekordwuesstum am Abléck hunn, datt mer quasi all Joers 10.000 zousätzlech Aarbechtsplaze schafen a souguer méi. A wann een zéng Joer zréckkuckt, dann hu mer an zéng Joer souguer 100.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft. An awer ass an deem Zäitraum de Chômage vun 13.000 op iwwer 20.000, wa mer d'Beschäftigungsmoossnamen derbäihuelen, geklommen.

Et ass am Fong eng paradox Situatioun, wou mer eis Froe mussen stellen, wéisou datt dat méiglech ass.

Sécherlech wësse mer, datt an deenen zwee gudder leschte Joren de Chômage zréckgaangen ass. Ech mengen, ech hunn dat och scho gesot, well et ass jo net déi éischt punktuell Moossnam, déi mer haut hei stëmmen, mä mir hunn ënnert dësem Minister Nicolas Schmit schonn eng Rei vun esou Moossname gestëmmt. An ech hunn och all Kéiers hei gesot: „Mir stëmmen déi gäre mat!“, well et ass nëmme punktuell, wéi mer kënnen reagéieren,



fir op déi spezifesch Situatiounen anzegoen. An all déi Moossname wäerten hir Wierkung hunn, déi eng méi, déi aner manner. A wann et der och nëmmen e puer wieren, ass et derwäert, datt mer hei Gesetzer stëmmen, fir datt d'Leit eben eng Aarbecht fannen a sozial ofgeséichert ginn.

Derbäi kënnt awer och sécherlech dee wirtschaftlechen Opschwung, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, och selbstverständlech. Wann d'Ekonomie dréit, da bedeit dat fir eis Ekonomie en Opschwung. A mam Opschwung kommen automatesch dann och nei Aarbechtsplazen, déi geschaaft si ginn.

An eng aner Situatioun, déi dozou gefouert huet, datt de Chômage erofgeet, ass sécherlech och, datt mer zënter e puer Joer méi verstärkt Leit an d'Invalidenssioun schécken, déi mer virduell och an enger prekärer Situatioun gelooss hunn, a wou mer woussten, datt déi Leit net méi géifen op den Aarbechtsmaart kommen, a se awer net an d'Penssioun geschéckt hunn. An ech mengen, dat war och do déi richteg Léisung an Decisioun, fir déi Leit dann einfach an d'Invalidenssioun ze schécken, fir ebe kënnen deene Leit och eng Garantie ze ginn.

Sécherlech ass ee weidere Punkt - an dee léise mer net esou séier! - eise Schoulsystem, well mir wëssen, datt hei am Land eisen Aarbechtsmaart an der Konkurrenz steet mam Ausland a virun allem mat de Grenzregiounen, mat Däitschland, Frankräich an der Belsch. An do spillt natierlech den Niveau vun der Formatioun eng Roll. A mat der Politik, déi mer awer hei iwwer Jorzéngte maachen - a mir hunn nach dës Woch erëm e Gesetz gestëmmt, wou mir als Partei der Iwwerzeegung sinn, datt do duerch erëm den Niveau erofgesat gëtt -, a wa mer mengen, mir misste weiderfueren, ëmmer nëmmen den Niveau an der Schoul erofzesetzen, da wäerten déi Leit och a Zukunft ëmmer méi Problemer kréien, am Kader vun der Konkurrenz mat der Grenzregioun, fir hei eng Aarbecht ze fannen.

Mir sinn also der Meinung, datt mer niewent all deenen anere Moossnamen a priori mussen eis Schoul erëm esou fit maachen an erëm d'Leeschtung an de Vierdergrond stellen, fir datt se och an deem groussen Konkurrenzkampf um Aarbechtsmaart kënnen bestoen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Zu deene Punkten, firwat datt de Chômage awer och zréckgeet - ech hunn der eng Rei opgezielt hei -, zielt awer och d'Reform vun der ADEM. An ech mengen, ech si jo net bekannt als een, deen als Oppositionspolitiker d'Regierung oder e Minister lueft, mä ech mengen, den Nicolas Schmit huet och hei de Courage gehat, fir eben eng Reform duerchezéien. En huet, wéi en ugetratt ass - loosse mer dat ganz éierlech soen! -, eng katastrophal Situatioun virfonnt,...

► **Une voix**.- Dat ass richtig!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...wat d'Resultat vun enger Politik vun der CSV war, déi laang den Aarbechtsminister...

(Protestations)

Jo, loosse mer dach éierlech sinn! Also, d'CSV huet laang den Aarbechtsminister gestallt. An do ass eng katastrophal Situatioun hannerlooss ginn,...

(Interruption)

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Hie war dach selwer Minister, den Här Schmit.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...déi ass elo redresséiert ginn. An ech mengen, et muss ee soen, datt d'Arbeitsamt haut, d'ADEM, ganz gutt funktionnéiert. Et héiert ee souwuel aus de Betriber wéi vun de betroffene Leit, datt se gutt strukturéiert ass, datt e System dran ass. An ech mengen, mir kënnen eis nëmmen alleguer felicitéieren, datt mer d'ADEM esou konnte reforméieren.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Déi Reform, déi mer elo haut maachen, ass e weidere Schrëtt, deen erëm e puer Honnert Leit aus dem Chômage wäert eraushuelen an deenen eng fest Aarbechtsplaz wäert ginn. Ech brauch net an d'Detailer eranzegoen vun deene verschiddene Moossnamen fir déi iwwer 30 an iwwer 50 Joer. Dat huet de Rapporteur am Detail gemaach.

Mä ech mengen, mir mussen eis alleguer bewosst sinn, datt dat doten alles Leit sinn, déi net duerch hir Schold a priori an där Situatioun sinn. Déi eng hunn eben hir Aarbecht verluer. Déi aner hunn eben e gewëssenen Handicap,

duerch dee se keng Aarbecht kréien. Bei aneren ass et eben opgrond vun der Schoulbildung, datt se keng Aarbecht fannen. A mir wëssen, datt all déi Leit do praktesch keng Chance méi hunn, fir an den Aarbechtsmaart eranzekommen. Virun allem déi iwwer 50 Joer wäerte keng Chance méi hunn, an eisen Aarbechtsmaart eranzekommen.

An do hu mer dann de Choix: Mir loosse déi vun enger Moossnam an déi aner Moossnam rennen, hei e puer Méint, do e puer Méint, do e Joer, do e Joer, lauter prekär Situatiounen, déi déi Leit och perséinlech an eng Situatioun setzen, datt se mengen, si wieren aus der Gesellschaft ausgeschloss, si wiere keng vollwäerteg Mënschen.

Well wat gëtt et méi Deprimantes fir e Mënsch, wéi wann e keng Aarbecht méi huet?! Wann een drop ugewisen ass, datt een iergendwéi vum Stat oder esou op Wohlwollen hei eppes kritt, an ni sécher ass, ni sécher ass, datt dat och esou bestoe bleift?! An déi Leit iwwer 50 Joer gi warscheinlech keng Emprunte méi maachen. Mä wa se emol wëllen ee maachen, kréie se opgrond vun där Situatioun emol kee Geld méi geléint, fir eben an hir Famill oder Gott weess wat ze investéieren, well se kee garantierte Revenu hunn.

An duerfir ass dat heiten eng formidabel Iddi, fir elo hinzegoen an deene Leit, déi permanent vun enger Moossnam an déi aner ginn, fir deenen elo ze soen: Ma dann huele mer déi elo an eng definitiv Aarbecht a mir maachen dat och an dem Secteur public an an deem assimiléierten - de Rapporteur huet se alleguer opgezielt -, fir datt och do, géif ech mengen, méi geséichert ass, datt keen Abus geschitt, wa mer dat op deem Niveau beloossen, a mir ginn deene Leit erëm e Mënscherecht zréck, nämlech datt se eng fest Aarbechtsplaz kréien.

Dat ass enorm wichtig, datt mer dat maachen, well wat géifen déi Leit soss maachen?

A wa mer dann och dee finanzielle Punkt kucken, da wäert deen net esou gewaltig sinn, well déi Leit jo och elo indémniséiert ginn. Déi Leit ginn och elo iergendwéi duerch all déi aner Moossname finanziert, an de Coût, deen hei genannt ginn ass, deen ass net allze grouss. An ech mengen, wa mer elo de Leit hir Dignitéit zréckginn a mir séchere se of, dann hu mer vill fir déi Leit gemaach.

An et steet eis als Politik an als e räicht Land wéi Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht, datt mer och a priori un déi dote Leit denken, well mir verdeele jo och vill Gelder op anere Plazen, wou et net esou ubruecht ass, wéi et misst sinn. Dat Geld, dat heinnergeet, ass gutt.

An duerfir, Här President, fënnt dat heiten doudsécher eis Zoustëmmung. Mir schwätzen hei vun 800 Leit, déi kënnen ënnert déi Moossname falen. Mir wëssen, datt mer der dës Joer 150 huelen, duerno gëtt et iwwert d'Budgetgesetz festgeluecht. Dat wäert dann eng Rei, zwee, dräi Joer daueren oder vläicht véier, mä mir kréien déi Leit lues a lues do eran.

A wichtig ass och - an duerfir ass et och, mengen ech, gutt, datt et sech op déi heite Secteur limitéiert -, datt mer jo d'Konditioun setzen, datt eng nei, eng zousätzlech Aarbechtsplaz muss geschafe ginn. Bei enger Gemeng, bei engem Syndikat oder all deenen Organisatiounen, déi opgezielt gi sinn, ass dat novollzéibar, ob och do wierklech eng Plaz geschafe gëtt, well wann dat e grouss Betrib ass, deen e puer Honnert Leit huet, ass et net noweisbar, fir ze soen: „Elo huet en eng nei Plaz geschafen, esou eng Plaz fir déi Leit hei.“ Duerfir fannen ech de Wee och gutt, datt mer dat op deen heite Secteur limitéiert hunn, well mer do eng gewësse Garantie hunn, eng Transparenz hunn, datt och de But dovun ass, datt eng nei Aarbechtsplaz geschafe gëtt.

Duerfir wëll ech och ofschléissend soen, datt dat heite fir eis e gutt Gesetz ass an datt mer frou sinn, fir dat kënnen haut matzestëmmen.

Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An domat huet d'Wuert dee leschte Riedner zum Projet, den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Et ass jo relativ seelen, datt mer Debatte hei an der Chamber féieren, wou esou eng grouss Unanimitéit ze féieren ass.

► **Une voix**.- Zerstéiert dat net!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Ech wäert mech beméien. Mä emol kucken! Emol kucken!

(Interruption)

Vläicht wäert awer deen een oder anere méi oder manner zefridden domadder sinn. Ech wëll duerfir och op dat aus eiser Siicht politesch Interessant a Wäertvollt un deem heiten Text agoen.

Dat, wat nieft der Unanimitéit opfällt, ass jo d'Vitesse, mat där dat heiten duerch d'Institutioun gaangen ass. De 6. Juni gouf den Text deposéiert an nëmmen e Mount drop gëtt en elo hei an der Chamber votéiert, souguer esou séier, datt souguer d'Beruffskummeren eréischt geschter - Här Kaes, si hunn en Avis ofgi geschter -, nodeems de Rapport an der Chamberkommissioun ugeholl ginn ass, iwwerhaupt dozou komme konnten, hiren Avis ofzeginn.

Et kann ee sech natierlech duerchaus berechtigt froen: Firwat déi Hetz? Mä virun allem kann ee sech froen: Firwat kënnt dee Projet esou spët? Well et ass jo e Projet, deen elo net vun enger grousser legistescher Komplexitéit ass, soudatt een deen hätt misse Méint a Méint am Ministère mautsche loosse.

Duerfir d'Fro: Firwat elo esou séier duerch d'Instanzen? Awer virun allem: Firwat eréischt elo?

An ech mengen, Här President, ech hunn de Verdacht - soe mer emol esou! -, datt engem Deel vun der Regierung,...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- ...zumindest dem Aarbechtsminister, bewosst ginn ass, datt, obwuel mer e gigantesche Wuesstum vun iwwer 5% hunn, d'Chômagezuelen net an deem Mooss zréckginn, wéi dat eigentlech misst sinn, wann Zéngtausenden nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, besonnesch net an där Kategorie vu Leit, déi schonn zënter längerer Zäit am Chômage sinn.

Et kann awer och sinn, datt den Aarbechtsminister de Plan de stabilité et de croissance studéiert huet, deen d'Regierung am Abrëll op Bréssel geschéckt huet am Kader vum Semestre européen. An deem Dokument sinn nämlech déi makroekonomesch Perspektiven vun der Regierung fir déi nächst Joren opgezeechent. An dat Dokument seet, datt voraussichtlich 2017 an 2018 Perspektive sinn, datt d'Chômagezuel weider soll erofgoen an datt dann ab 2019 awer de Chômage erëm soll an d'Luucht goen, 2019, 2020, 2021, bis en dann 2021, sou d'Perspektiv, erëm bei 7% soll leien. An dat obwuel an deem ganzen Zäitraum weider Dausenden an Dausenden Aarbechtsplaze geschafe ginn!

Also, wann aus offizielle Regierungsdokumente ervirgeet, datt de grouss Wuesstum net onbedéngt automatesch gläichbedeitend ass mat Vollbeschäftegung a verallgemengertem Wuelstand, dann ass dat natierlech problematesch. Et ass politesch problematesch, mä et ass virun allem gesellschaftlech problematesch, well da kréien nämlech ëmmer méi grouss Deeler vun der Gesellschaft näischt méi mat vun deem dichtege Wuesstum am Land an et riskéiert een, datt déi sozial Schéier net méi kleng, mä souguer nach méi grouss gëtt.

Här President, an der Vergaangenheet sinn et an deem sougenannten „Kampf géint de Chômage“ virun allem zwee Elementer gewiescht, déi predominant waren an déi de Problem awer net léise konnten:

Éischstens, laang Zäit huet et geheescht, datt, fir de Chômage ze bekämpfen, et wichtig wier, den Aarbechtsmaart méi flexibel ze maachen. A Flexibiliséierung huet awer och Dereguléierung geheescht. An iwwer Joren ass den Aarbechtsmaart weider dereguléiert ginn.

Beim éischte PAN-Gesetz huet et souguer nach geheescht, d'Mesure, fir d'Aarbechtszäit ze dereguléieren, wier e Mëttel am Kampf géint de Chômage. Mir hu gemierkt, datt d'Dereguléierung net zu mander Chômage gefouert huet, mä een Element vun der Dereguléierung war, datt Aarbecht méi prekär ginn ass, datt Interimboité wéi Champignonen aus dem Buedem geschoss sinn an datt en onbefristeten, ordinären Aarbechtsvertrag net méi d'Regel war.

En zweet Element vun där aler Aarbechtsmaartpolitik war, datt een op eemol op d'Iddi komm ass, datt een, amplaz de Chômage ze bekämpfen, de Chômeur bekämpfe soll. An de Chômage ass dann op eemol net méi gesi ginn als Resultat vum Fonctionnement oder vum Dysfonctionnement vun engem ekonomeschen System, mä dee gesellschaftleche Phänomeen Aarbechtslosegkeet ass individualiséiert ginn: Et war elo deen eenzelne Chômeur, dee responsabel sollt gemaach gi fir seng Situatioun.

A mir kënnen eis jo nach alleguer erënneren u Mesurë ronderëm d'Gesetz 5611 an och d'Protester an d'Widderstänn do dergéint. Dat huet natierlech net „Bestrofung“ geheescht, mä „Aktivéierung“, ganz esou, wéi wann et just Leit wieren, déi eng amorph Mass géifen duerstelle vu lobotomiséierten Zombien, déi ee just laang genuch picke misst, fir datt se endlech géife paréieren. An natierlech ass awer och net all Mesure gläichbedeitend mat Strof, mä a ganz ville Fäll hat een awer dee fade Bäigeschmaach.

Mënschen, déi am Chômage sinn, ginn haut dacks erugezunn, fir Aarbechte vun ëffentlechem Interessi ze maachen. Dat heescht, si leeschten do Aarbechten ouni awer regulär Aarbechtskontrakter an doduerch och ouni déi allgemeng Schutzbestëmmunge vum Code du travail, wat d'Aarbechtszäiten, Sonndesaarbecht, Iwwerstonnen et cetera ugeet. A si sinn doduerjer zum Deel fir d'Promoteuren, an zum groussen Deel och ëffentlech Promoteuren, also Gemengen an och de Stat selwer, duerchaus bëlleg Aarbechtskräften. Mä déi Leit hunn no där Mesure just an deene mannste Fäll och nëmmen déi geréngste Perspektiv op eng Feststellung.

Nieft deser politescher Orientéierung vun der Lutte géint de Chômage sinn et natierlech ganz vill wäertvoll Initiative ginn op lokalem, regionalem Plang an der Economie sociale et solidaire, déi versicht hunn, géint de Phänomeen vun der Aarbechtslosegkeet unzekämpfen, zum Deel mat engem ganz groussen Engagement, awer dacks just mat partiellen Erfolleg. Mä och hinne waren oder sinn deelweis nach ëmmer d'Hänn gebonnen, well ganz dacks déi spezifesch Mesuren ëmmer zäitlech begrenzt sinn an de Betroffenen domadder wierklech keng wierklech Perspektiv gebuede konnt ginn.

Här President, d'Häerzstéck vun dësem Gesetz ass an eisen Aen de bescheidene Versuch, an enger anerer Logik d'Aarbechtsverméittlung an den Aarbechtsmaart ze denken, an dës aus véier Grënn:

Éischstens, den uerdentlechen an zäitlech onbefristeten Aarbechtsvertrag ass net méi d'Fernzil, wat een no enger Ribambelle vu Mesuren a Mesureten iergendwann no Jore vläicht eng Kéier erreeche kann, mä et ass eng konkret Perspektiv, déi sech u Leit adresséiert, déi méi wéi zwielef Méint am Chômage sinn.

Zweetens gëtt heimadder och kee Spezialstatut fir eng bestëmmt Kategorie agefouert, mä dee Salarie, deen ënnert dës Mesure fält, ënnerläit voll a ganz de Schutzbestëmmunge vum Aarbechtsrecht, déi fir all Salarieen an deem Beräich, an deem Betrib gëllen. Also sinn och déi Leit gebonnen un de gëllende Kollektivvertrag. Déi Betraffe sinn also net automatesch a fir éiweg um onqualifizéierte Mindestlounniveau, mä kënnen och am Kader vun där Aarbecht hir Avancementer an hir Carrière hunn.

Dréttens ginn et zurzäit souwuel beim Stat wéi och bei de Gemengen eng ganz Rëtsch Aarbechten, déi vu Leit duergefouert ginn, déi an enger prekärer Mesure sinn, d'OTlen zum Beispill, obwuel dës Aarbechte sinn, déi regelméisseg ufalen an eigentlech eng ordinär Aarbechtsplaz duerstelle kéinten.

Mat dësem Gesetz ginn un éischter Plaz d'Akteuren aus dem ëffentlechen oder paräffentleche Secteur ugehalen, richteg an uerdentlech Aarbechtsplazen ze schafen, amplaz dauerhaft op prekärer zréckzegraifen. A mat dësem Text ginn och keng bestoend Plazen ersat, mä neier geschafen.

An dës bedeit och, véiertens, datt et eng Incitatioun ass fir d'Gemengen, de Stat, d'Asblen, d'Société-d'impact-sociétallen, Aarbecht ze schafen, Aarbecht mat engem sozioekonomeschen Notzen, sou wéi dat am Ursprungstext och nach geheescht huet, also och den Ausbau vum Service public, voire parapublic. Et géifen nämlech eng Rëtsch Aarbechte ginn, déi am Interessi vun de Bierger sinn, zum Beispill an der Betreierung, der Fleg an der Ennerstëtzung vun eelere Leit a Kanner, awer och an anere Beräicher wéi den Espaces verts, Aarbechten also vu gesellschaftlechem Notzen, also vun Notze fir eis alleguerten.

Här President, dës ass ouni Zweifel e gudden a wäertvolle Projet, dee mir als Lénk ënnerstëtzen, well en dorop cibléiert ass, nëtzlech Aarbechten ze schafen an doduerjer de betroffene Leit eng Perspektiv ze bidden. Dës Joer ass et dat iwwerschaubart Zil vun 150 Aarbechtsplaze bei aktuell 6.400 Laangzäitaarbechtslosen, déi ënnert dës Mesure géife falen, déi a Fro kommen, fir vun deser Mesure ze profitéieren. Mä eleng schonn un deem Verhältnis gesäit een, datt et net déi ultimativ Antwort op de Problem ass, mä awer e sënnavollen Ufank.

Duerfir bedauere mer awer, datt et deemno wéi an Zukunft einfach ass - an deemno wéi eng politesch Konstellatioun an Zukunft méiglech ass -, d'Ziel vun deenen, déi eventuell ënnert dës Mesure géife falen, am Budgetgesetz einfach op null ze setzen. Et bräicht een also eigentlech emol net d'Gesetz ausser Kraaft ze setzen, fir datt et einfach auslafe kéint. Dat ass schued!

Här President, d'Zäit leeft mer dovun. D'Salariatskummer huet an hirem Avis och nach eng Rëtsch konkret Froen opgeworf, wou mer net d'Zäit haten, se an der Kommissioun ze diskutéieren. Ech denken, datt een dat awer nach eng Kéier nohuele sollt. Virun allem fret d'Sa-



lariatskummer awer och eng Etüd, wou mer emol nach eng Kéier alleguer d'Aarbechts-moossnamen op de Leescht huelen an op hir jeeweileg Wierksamkeet iwwerpräiwen.

Och zum Reklassement mengen ech, datt déi Ukënnegunge vum Här Minister a vun de Regierungsmembere sënnvoll sinn an datt ech mech drop freeën, wa mer am Hierscht dann hoffentlech en neie Projet virgestallt kréien, dee bestoend Feeler ausmäerzt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An et ass elo um Här Aarbechtsminister, dem Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn zwar elo nach net d'Intentioun, direkt an de Congé ze goen. Wann dat esou wier, géif ech mat enger grousser Satisfaktioun an de Congé goen. An ech géif och soen, no deem, wat ech hei héieren hunn, hutt Dir alleguerten elo d'Recht, mat Satisfaktioun an de Congé ze goen!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Well dat, wat mer haut maachen, ass effektiv eng wichteg Etapp an der Bekämpfung vum Chômage. Ech wëll och hei ganz kloer soen, datt dat wahrscheinlech ee vun deene Projeten ass, déi extrem séier duerch d'Meandrë vun de Prozedure gaange sinn.

Ech hat eng Wett gemaach, an zwar eng Wett mam President, fir ze soen: „Fir mech, déi Leit, déi am Laangzäitchômage sinn, déi Zäit geet duer! A mir mussen elo déi richtig Antwort fan-nen an déi richtig Léisung preparéieren.“

An ech soe jiddwerengem Merci, och der Kom-missioun, deen dat ënnerstëtzt huet, fir dee Projet nach virun der Sommervakanz duerchze-bréngen. Firwat? Wa mer dat net gemaach hät-ten, dann hätte mer dëst Joer verluer. Mir hunn dëst Joer net verluer an duerfir stinn déi 150 Leit, déi 150 Emploien dran, well an deene Méint, déi ons bleiwen no der Vakanz, wäerten déi kënne besat ginn, wäerten déi kënne kreéiert ginn an dann och besat ginn.

Et ass vu praktesch jiddwerengem gesot ginn: Mir kënnen eis freeën, datt de Chômage zu Lëtzebuerg zrëckgeet. E geet regelméisseg zrëck. Et geet och relativ staark zrëck. Mir sinn, wann een elo deen traditionellen Taux de chô-mage kuckt, erëm ënner 6%, bei 5,7. Dat sinn 0,7% manner wéi nach d'lescht Joer ëm déi nämlecht Zäit. Obwuel ech och dat deelen, wat vu Verschiddene gesot ginn ass: „E geet net esou séier zrëck, wéi een eigentlech kéint unhuelen, wann een e vergläicht mat der Créa-tion d'emplois, déi all Mount hei zu Lëtzebuerg stattfënn.“ Mir leien elo net méi bei 3%. Mir leien elo schonn iwwer 3%. An do ass natier-lech e Problem: op där enger Säit e Chômage, dee méi lues geet wéi d'Création nette vun Emploi. Dat si strukturell Problemer, déi mer hunn. A fir strukturell Problemer ze bekämpfen, muss ee ganz einfach op nei Weeër, op nei Ap-prochen zrëckgräifen.

Och de Chômage de longue durée ass zrëck-gaangen, muss ech hei soen, 7,9% vun engem Joer op dat anert, vu Mee 2017 op Mee 2016. Mä dat läit - an ech hu kee Problem domat, dat unzëerkennen - ënner anerem dorun, well d'Zuel vun deene Leit, déi am Reklassement, am externe Reklassement sinn, och zrëck-gaangen ass. Déi ass largement natierlech och doduerch zrëckgaangen, well eng Rei Leit an eng Pension d'invalidité komm sinn.

Ech gesinn dat awer net als e Problem un! Ech gesinn dat als eng intelligent Manéier un, fir e Problem ze léisen, well et wier jo awer ko-mesch, Leit am Chômage ze halen, se all Mount ze convoquéieren, se ze kujenéieren an engem gewëssene Sënn, tout en sachant, datt mer hinnen näischt ze offréieren hunn. An duerfir ass déi Approche, fir ze soen: „Een, deen net méi ka schaffen, een, dee keng Méiglechkeet méi huet, en Job ze fannen, dee muss dann och vum gesondheetleche Point de vue d'Recht op eng Invaliditéit hunn.“

Mä trotz deem Recul bleiwen eppes iwwer 7.000 Leit, déi scho méi wéi ee Joer am Chô-mage sinn. Dat ass eng Zuel. Mir kënnen iwwert déi Zuel vill diskutéieren. Mir kënnen se analyséieren. Mä 7.000 Leit, dat si Mënschen, dat si Schicksaler, dat si Problemer!

Ech géif lech all roden, e Rapport ze liesen, deen de franséische Conseil économique, social - et environnemental, heescht en dobäi - ge-maach huet iwwert de Chômage. An en huet analyséiert, wat de Chômage fir deen Einzel-nen heescht; well jo ëmmer gesot gëtt: „Oh, de Chômage, oh, d'Leit huelen déi Zäit...“, an esou weider. Dat, wat de Conseil économique,

social et environnemental do seet, dat ass dat heiten: Eng Rei Pathologien, Krankheete komme vill méi heefeg bei deene Leit, déi am Chômage sinn. Kardiovaskulär Krankheeten, souguer verschidde Kriibse kënnen op déi De-pressiounen zrëckgefouert ginn, déi déi Leit, déi am Laangzäitchômage sinn, kréien. Alles dat, mä och déi sozial Exklusioon, deen Isole-ment, dee sozialen Isolement, dat ass eigent-lech dat, wat och vill Leit concernéiert, déi am Laangzäitchômage sinn.

Duerfir ass déi Measure hei eng Measure, déi do-rop ageet, déi eigentlech op mënschlech Schicksaler ageet. Well versetzt lech emol ee Moment an d'Situatioun vun deem, dee schonn ee Joer, zwee Joer, dräi Joer am Chô-mage ass, deen all Mount op d'ADEM geet a gesot kritt: „Ma probéier do! Schreif do! Géi dohin!“, deen honnert - honnert! - Demandë schreift! Wann hien eng Antwort kritt oder si eng Antwort kritt: ëmmer eng negativ!

Wat geschitt do? Do geschitt emol éischstens d'Gefill, eigentlech kee Wäert méi ze hunn, net méi gebraucht ze sinn. Do geschitt eppes, wat am Ufank Enttäuschung heescht a wat ganz schnell eigentlech Hoffnungslosegkeet, Ver-zweiflung bedeit, Resignatioun. Resignatioun, dat ass dat, wat d'Leit, déi am Laangzäitchô-mage sinn, empfangen. Nun ass awer grad Re-signatioun dat Schlëmmst - dat Schlëmmst! -, fir erëm en Job ze fannen. Well wat fir eng En-treprise, wat fir en Employeur geet hin an en embauchéiert e Resignéierten, een, deen ei-gentlech d'Hoffnung opginn huet, deen de Glawen u sech selwer opginn huet? Keen oder ganz weéne!

An duerfir, dat, wat mer hei wëlle maachen, dat ass, de Leit d'Vertrauen erëmginn, d'Selbst-wäertgefill erëmginn, fir ze soen: „Natierlech hunn ech d'Recht an ech hunn och d'Kompe-tenz! Ech hunn d'Méiglechkeet, e Contrat à durée indéterminée ze kréien.“

Dat ass dat, wat mer maachen: d'Loscht erëm-ginn, mueres opzestoen, ze schaffen an net, wéi Verschiddener dat richtig gesot hunn, aus enger Measure an déi aner an dann erëm e Pas-sage iwwer ee Joer oder zwee duerch de Chô-mage ze goen - alles dat bréngt näischt - oder an den RMG, deen hunn ech vergiess, an den RMG ze falen.

An duerfir ass genau dat heiten dat, wat mer brauchen. Mir ginn hei de Leit net nëmmen en Job. Mir ginn hinne méi. Mir ginn hinnen eigentlech hir Dignitéit zrëck. Mir ginn hinnen erëm hirt Selbstwäertgefill zrëck. An dat, mengen ech, ass fir eng Gesellschaft - an et huet een et gesot -, déi eigentlech eng vun deene wohlhabendste Gesellschaften, vun deene rächste Gesellschaften ass, eppes, wat en Dû misst sinn, wat eng Pflicht ass, eng sozial Pflicht, déi mer jiddwerengem schëlleg sinn.

Nu wëll ech soen..., et ass gesot ginn: „Firwat hutt Der dat net scho sechs Méint oder zwee Joer éischer gemaach? Wéi sidd Der drop komm?“ Jo, ech soen lech ganz éierlech: Ech sinn drop komm no enger Analys, wou ech ge-sinn hunn, datt de Chômage zrëckgeet, mä mir behalen ee Problem eigentlech an duerfir kréie mer dee Chômage net méi drastesch zrëck.

An ech sinn drop komm, well ech duerch Zou-fall en Artikel gelies hunn iwwer eng Measure a Frankräich vun engem Mann, engem fréiere Je-suit, dee sech engagéiert huet, fir grad dat do-ten ze maachen, an et fäerdegbruecht huet, och a Frankräich a kierzester Zäit e Gesetz stëmmen ze looszen. An dat Gesetz heescht: „Territoire sans chômage de longue durée“ oder „Chômage de longue durée taux zéro“. An dat huet mech dozou bruecht, fir ze soen: „Ma wann dat dach méiglech ass, a Frankräich a verschiddene Regiounen ze maachen, firwat ass dat net méiglech, hei zu Lëtzebuerg ze maachen?“

(Interruption)

Ech hunn näischt géint d'Jesuiten.

Ma dat huet mech dozou bruecht, déi Proposi-tioun ze maachen an och ze verlaangen, datt mer se ganz schnell iwwert d'Bün kréien. Mä et ass net nëmmen dee Fransous, deem ech dat ze verdanken hunn.

Et ass och den Här Weise, komescherweis den Här Weise. Ech weess net, ob Der den Här Weise kennt. Den Här Weise war bis virun e puer Méint de Chef vun der Bundesagentur für Arbeit, eigentlech e Mann, deen net elo fir sän extreme Sozialengagement bekannt war, mä als Manager d'Reform vun der Bundesagentur ganz staark no vir bruecht huet an och eis hei zu Lëtzebuerg bei der Reform vun der ADEM gehollef huet. Dat ginn ech gären zou.

An den Här Weise ass zum Enn vu sengem Mandat, dat heescht am Mäerz, zur Konklusi-oun komm, datt een och an Däitschland, wou et jo en Jobwunder gëtt, wou jo de Chômage och zrëckgeet - eigentlech genau déi nämlecht Situatioun wéi bei eis -, de Chômage de longue

durée, de Chômage vun deene Schwächsten net kéint zrëckbréngen mat normale Methoden. An en huet gesot: „Nee, mir bezuelen en Hartz IV, mä mir hätte besser, mir géifen a so-zial Aarbecht, a kollektiv, an ëffentlech Aar-becht investéieren.“

Dat ass also och eng Konklusioun, déi vun engem Mann, deen den däitschen Aarbechts-maart ganz gutt kennt an e geréiert huet iwwer Joren, gesot ginn ass. An dat mécht, datt mer och haut hei eppes decidéieren, wat, mengen ech, sozial gesi ganz innovativ ass an och wäert ganz schnell positiv Resultater bréngen.

Zu e puer Froen, déi Der gestallt hutt. Dat Éischt ass: Firwat net de Privatsecteur? Ma, Här Kaes, ech hunn lech dat schonn eemol gesot: Wann déi Leit do am Privatsecteur en Job fonnt hätten, dann hätte se e fonnt, da wiere se net Chômeur de longue durée iwwer zwee oder dräi Joer! A si hätten net schonn dräi Passagé beim Forum gemaach an trotzdeem keng Aar-bechtsplaz fonnt. Et sinn déi Leit, déi eis inter-esséieren, grad déi Leit, déi net méi eng Chance hunn am Privatsecteur.

An et ass och dat, wat den Här Weise seet. Dee seet: „Firwat dauernd an d'Leit, an d'Formati-oun, an d'Formatioun investéieren, wou mer wëssen, datt och d'Formatioun déi Leit net zrëck op de sougenannte privaten Aarbechts-maart bréngt?!“

Grad duerfir hu mer de Privatsecteur erausge-holl, well fir de Privatsecteur hu mer jo Mesu-ren. De Contrat de réinsertion-emploi ass eng Measure fir de Privatsecteur, wou ee 50% - zwar nëmme 50% - vum Salaire während engem Joer plus d'Cotisation sociale rembourséiert kritt. An trotz allem hu mer e gutt Resultat, mä net eent, wat mech vum Stull geheit, an an anner-hallwem Joer iwwer 220 Plazen esou kreéiert kritt. Dat ass net fantastesch, mä et sinn déi.

Mä mam Privatsecteur géife mer dee Problem do net ugoe kënnen. An duerfir loosse mer déi Mesurë fir de Privatsecteur fir de Privatsecteur sinn. A mir mussen also Mesuren huele grad vun deenen ëffentlechen oder sozialen Instituti-ounen, déi hëllef kënnen, deen do Problem besser ze léisen.

Firwat 150? Well ons dräi Méint bleiwen an ech ons en Zil setze wëll an net wëll soen: „Oh, elo probéiere mer dat emol, mir setzen eis keen Zil.“ Momentan hunn ech eng Persoun an der ADEM genannt, déi dat dote Fulltime mécht. Déi ass haut an enger Gemeng gewiescht, si ass muer an enger Gemeng, si huet déi Diskus-sioun mam PRO-SUD gefouert.

An ech kann lech nëmme soen, dee Feedback, deen ech kréien, ass ganz positiv vun de Ge-mengen, déi bereet sinn, eng Hand unzepa-ken, déi bereet sinn, ze hëllefen, dee Problem do ze léisen. An ech hat d'ailleurs mam Presi-dent vum Syvicol eng ganz positiv Diskussioun a Reunioun, wou mer och zu deenen dote Kon-klusiounen komm sinn.

A sécher, de Kollektivvertrag: Mir wëllen net Kollektivvertrag aus den Aangelen hiewen! Dat ass doudsécher net meng Intentioun, bien au contraire, wou ech awer ëmmer muss soen: „Et kann een natierlech debattéieren, ob Leit, déi a verschiddene Mesurë schaffen, net awer en Im-pakt hunn op Leit, déi mat Kollektivvertrag schaffen.“ Dir kennt dat och, Här Kaes, wou Leit déi nämlecht Aarbecht maachen an enger Initiativ an um Mindestloun leien, während ane-rer mam Statut vum Gemengenaarbechter oder Beamten ganz aner Konditiounen hunn.

Duerfir hunn ech gesot: „Nee, de Mindestloun dierf net ëmmer just d'Limitt sinn!“ De Min-destloun sécher, mä duerfir gi mer bis 150%, do ass also och eng Marge. A wann een da mengt, et misst een 165% bezuelen, da mengen ech, da misst et engem Promoteur dat och wäert sinn, engem déi 15% dropzeleeën. Duerfir, ech mengen, dat si grosso modo déi, déi...

Ee Wuert zu de Reklasséierten: Sécher si vill Leit, déi am Reklassement sinn, hei con-cernéiert. Well 85,8% vun de Reklasséierte si scho méi wéi ee Joer am Chômage oder an hi-rem Statut. 85,8% vun de Reklassés externes! A si stelle 46% vun de Chômeurs de longue durée insgesamt duer. A grad op déi Leit musse mer zougouen.

A mir musse kucken, an duerfir hu mer och elo dat neit Instrument vum COSP - Handicap a Reklassement - kreéiert: Wat sinn d'Méiglech-keete fir déi Leit, erëm och an esou Jobben ze kommen? Well dat si jo normal Jobben, mä et geet natierlech drëm, sécher ze sinn, datt déi Leit och net nëmmen déi Kompetenz hunn, fir deen Job ze maachen, mä datt se natierlech och physesch d'Méiglechkeet an d'Capacitéit hunn, erëm zrëck op den Aarbechtsmaart ze kommen. Mä Reklassement heescht jo net In-validitéit, Reklassement heescht nach mussen a kënnen disponibel ze si fir den Aarbechtsmaart, ausser et kënnt een an d'Invaliditéit.

An duerfir wäerte mer natierlech besonnesch och mat deene Leit schaffen an hinnen eng Perspektiv ginn an hinnen och d'Méiglechkeet ginn, aus hirem Statut an aus der Hoffnungslo-segkeet erauszekommen, déi vill Leit betrëfft, déi scho laang eng Aarbecht sichen an ëmmer, ëmmer op e Refus stoussen. Datt mer deene Leit erëm eng nei Hoffnung ginn!

Ech soen lech op jidde Fall fir déi Ënner-stëtzung vun haut e grouse Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Aarbechtsminister. An ech gi ganz gär zou, dass en deen Defi, deen e ge-stallt krut, erfüllt huet.

(Interruption)

En hat vun enger Wett geschwat.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Do-mat géife mer zum Vott iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7149 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

Mir hunn: 58-mol Jo..., 59-mol Jo, keen Neen, keng Abstentioun.

(Brouhaha et interruption)

Jo, et ass wahrscheinlech een, deen net geholl gouf. Also ech hat direkt ëmgeschalt, soudass mäi Vott net geholl ginn ass.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - 59, an et feelt awer nach een.

(Concertation interne)

Okay, den Här Eischen. Dann hu mer 60-mol Jo, unanime.

(Exclamations)

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth (par Mme Martine Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da froe mer nach d'Dispens vum zweete Vott.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

3. Ordre du jour

An ech wollt d'Chamber froen, ob se dermat d'accord wär - déi zwee Ministeren hu sech do-rop géeneegt an ech hunn och nogefrot bei den Orateuren -, dass mer de Projet 7033, ee Modell 0, kéinte virzéien. Wann d'Chamber domat d'accord ass, da géife mer dat maa-chen.

(Assentiment)

Merci villmools. An de Rapporteur, den Här Frank Arndt, huet direkt d'Wuert.

4. 7033 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes

Rapport de la Commission des Affaires inté-rieures

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.** - Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech